N°532
Entrée le 30.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°532 du 25 mars 2024 de Monsieur le député Sven Clement au sujet du médiateur de la consommation**

Den Artikel L. 423-1. vum Gesetz vum 17. Februar 2016, dat den Service vum Mediateur fir d'Consommatioun schaaft (*loi du 17 février 2016 portant introduction du règlement extrajudiciaire des litiges de consommation dans le Code de la consommation et modifiant certaines autres dispositions du Code de la consommation*) gesäit vir, datt d'Käschte fir de Fonctionnement vum nationale Service vum Mediateur fir d'Consommatioun vum Staatsbudget gedeckt ginn.

Den nationale Service vum Mediateur fir Consommatioun huet ee spezifesche Budgetsartikel 12.327, fir am Fall vun engem Interessekonflikt vum Mediateur fir Consommatioun en externe Mediateur ze finanzéieren. Deen Artikel ass net limitéiert an den Tableau hei drënner stellt d'Gesamtdepensen op deem Artikel an de leschte 5 Joer duer:

| Joer | Solde vum Budgetsartikel 12.327 |
|---|---|
| 2019 | 48.308 EUR |
| 2020 | 7.610 EUR |
| 2021 | 6.173 EUR |
| 2022 | 4.083 EUR |
| 2023 | 12.417 EUR |

D'Fonctionnementskäschte vum Service vum Mediateur fir Consommatioun, wéi zum Beispill Bürosmaterial, Weiderbildungen oder Reeskäschte, gi vum Wirtschaftsministère finanzéiert, iwwert deem säi Budget.

Personalkäschte fir dës Mataarbechter fale beim Service vum Mediateur fir Consommatioun un:

- de Verbrauchermediateur selwer, zanter September 2016;
- ee Karriär B1 Posten, zanter 2017;
- ee Karriär A1 Mediateur an een hallefzäit Karriär B1 Posten, zanter September 2020.

D'Raimlechkeeten an deenen de Service vum Mediateur fir Consommatioun 4 Büroen, ee Konferenzsall an ee Versammlungsraum notzt gi vun der Loyerskommissioun finanzéiert.

Luxembourg, le 30/04/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles